N°1748
Entrée le 20.01.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

Direction de la défense

**Äntwert vun der Verdeedegungsministesch an dem Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel op d'parlamentaresch Fro n° 1748 vum 9. Januar 2025 vum Här Deputéierten Sven Clement.**

D'Lëtzebuerger Participatioun am Ukraine Defense Contact Group (UDCG) ass, nieft eiser considerabeler bilateraler militärescher Ënnerstëtzung, ee wichtegen Deel vum Engagement vun der Regierung zu Gonschte vun der Ukrain. Dobäi ass et essentiel, dass dës Ënnerstëtzung de Besoine vun der Ukrain entsprécht a sou gutt wéi méiglech mat all der Ukrain hire Partner koordinéiert ass, sief dat am aktuelle Format, oder an engem aneren. Den UDCG ass e gutt Instrument fir dës Koordinatioun a Lëtzebuerg wäert sech dofir asetzen, dass d'Koordinatioun weider assuréiert bleift, souwuel mat europäeschen, transatlanteschen an anere Partner.

Lëtzebuerg, den 18. Januar 2025.

D' Verdeedegungsministesch

(s.) Yuriko Backes